



Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Fir e Parkticket bei engem Automat ze kréien, muss ee bei verschiddene Parkauere méttlerweil d'Plack vum Auto mat uginn, obwuel de Parkticket nach ëmmer bor bezuelt, op Pabeier ausgedréckt a fir potenziell Kontrolle siichtbar um Armaturebriet ausgeluecht gëtt.

An deem Zesammenhang géife mir der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Firwat mussen d'Leit hir Placknummer mat uginn, obwuel dës fir eng reng Parkkontroll net néideg ass? Wat ass déi legal Basis fir déi Praxis?
- 2) Wou a wéi laang ginn déi entspriechend Donnéeë gespäichert a wéi eng Institutioune kënnen dorop zougräifen?
- 3) Gesäit d'Madamm Minister an där Moosnam net e weidere méiglechen Agrëff an d'Privatsphär duerch de Staat, wann dëse ka gewuer ginn, wou, wéi en Auto wéini a wéi laang parkt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten